
Josy Christen
ILLUSIOUNEN
Geschicht a Regie Guy Geimer
8 Mee am ARCA
Photo © Claude Piscitelli
mam Susy Lentz, Al Ginter
a Jeff Schmidt
Reserv : kaméidi.lu
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Eng gesongen a gespillte Satir**
**fir eng Fra an e Mann**
**voller**

## Léift an Haass ..... Emotiounen.....Verlaangeren.....
## vu grousse Gefiller, Dreem an Illusiounen

### …… oder awer en Drama

D'Geschicht erzielt vun enger Fra, déi hire Mann verléisst, an dovunner wéi déi Zwee mat der Situatioun an hiren Emotiounen ëmginn.
Dës Geschicht, eng gesonge Satir, gëtt op eng lëschteg awer och emol nodenklech Manéier mat Lidder vum **Josy Christen** opgefouert.
Interessant ass et fir ze gesinn, datt ee mat Lidder, déi virun allem fir Revue a Cabaret bestëmmt waren, eng komplett aner Richtung aschloe kann.
D'Texter vum Josy Christen goufen deelweils vum Erny Delosch vertount oder sinn op bekannte Melodien opgebaut. Vill vun dëse Lidder sinn haut «al Schanken» anerer dogéint sinn och haut nach klassesch Evergreens a wäerten et och bleiwen. Awer fir eis Geschicht, e Konzept vum Guy Geimer, passe se alleguerten ewéi d'Fauscht op d'A.

Et spillen a sangen d'**Susy Lentz** an den **Al Ginter**
Musikalesch gi si begleet vum **Jeff Schmidt**
D'Bünebild ass vum **Marc Maas**
D'Regie mécht de **Guy Geimer**

D'Stéck dauert (ouni Paus ) ongeféier 70 Minutten.
Eng Produktioun vum Bartrenger Kaméidi.

